Resolutioun - Eng besser Finanzbildung zu Lëtzebuerg

Finanzbildung bitt de Leit d'Méiglechkeet fir méi informéiert a fundéiert finanziell Entscheedungen ze huelen an sou hir wirtschaftlech Selbstbestëmmung individuell ze gestalten. Finanzbildung ëmfaasst vill ënnerschiddlech Beräicher wéi zum Beispill den Ëmgang mat Suen, d'Funktionéiere vu Banken an hir Servicer oder wéi eng Aart vu Verméigensopbau an Investitiounsméiglechkeeten et ginn. Et bitt ausserdeem d'Méiglechkeet e bessert Verständnis iwwer wirtschaftlech Zesummenhäng oder Steierpolitik ze kréien.

E weideren Aspekt ass de Volet vun der Präventioun bei Leit déi riskéieren sech ze iwwerschëlden oder schonn an der Iwwerverschëldung sinn. D'Grënn fir eng Iwwerverschëldung kënne villfälteg sinn, sou zum Beispill duerch klammend Zënsen op Kreditter, eng Erhéijung vun de Liewenskäschten an Energiepräisser oder duerch en exzessiivt Konsumverhalen, dat deelweis iwwer Kreditter finanzéiert gëtt. Dofir wier et wichteg schonn deene Klängsten ze weise richteg mat Suen ëm ze goen an ze spueren, sou wéi och d'Virdeeler vum Spueren an d'Festsetze vun de Suen.

Iwwerverschëldung huet net nëmmen en Impakt op déi eege finanziell Situatioun, mee och op d'Moral an d'Psych vun de betraffene Leit.

Als CSJ si mir dofir der Meenung, datt et eng gutt a praxisno Finanzbildung an eiser Gesellschaft gebraucht gëtt, déi fir jiddereen zougänglech ass.

Als CSJ fuerdere mir:

- D'Finanzbildung soll en obligatorëschen Deel vum Ekonomie Coursë ginn, deen dann och fir alleguer d'Schüler soll agefouert ginn. Dat heescht an anere Wieder datt all Schüler zu Lëtzebuerg sollt puer mol wärend senger Schoulzäit, zu ënnerschiddleche Momenter mam Thema Finanzbildung a Kontakt kommen. Et ka vun der klassescher Approche, wéi ee mat Suen ëmgeet (spueren, Suen op d'Säit leeën oder wéi eng Investitiounsméiglechkeeten et ginn) bis hin zum Verständnis vu wirtschaftlechen Zesummenhäng goen. Et soll och eng Plaz sinn, wou iwwert d'Vir- an d'Nodeeler vun neie Finanzproduiten diskutéiert gëtt, fir sech sou den Entwécklunge vun der Zäit unzepassen.
- Déi besteeënd Zesummenaarbecht mat staatleche Verwaltungen, a Finanzetablissementer sollt weider ausgebaut ginn, fir datt méi Formateure kënne rekrutéiert gi fir dem héije Besoinen an dësem Beräich Rechnung ze droen.
- D'Schafe vun ëffentlech zougänglechen Offere fir Erwuessener, déi sech mat hirer finanzieller Situatioun ausernee wëlle setzen an hirem alldeegleche Gebrauch. Et ka vu Méiglechkeete vun der Altersvirsuerg, Risike vun Investitioune bis hin zu engem bessere Verständnis wat een iwwert Steiererklärung kann ofsetzen.

- Hëllefsstellunge fir Leit, déi amgaang sinn sech selbstänneg ze maachen an ob wat se mussen oder sollen oppasse beim Erstellen vun engem Businessplang. Offere vum “House of Entrepreneurship” méi staark an der Ëffentlechkeet promouvéiere, fir sou och den Entreprenariat zu Lëtzebuerg ze stäerken.
- Eng geziilte Campagne, fir d’Leit op dem Theema vun der Iwwerverschëldung ze sensibiliséieren. Mir striewen och eng Analyse vum besteeënde System vun der Privatinsolvenz u fir dëse weider ze verbesseren, zum Beispill der Durée bis wéini ee Scholde fräi ass. De Moment läit dësen Delai bei 7 Joer, bei deem d’Leit sech am konventionéierte Kader befanne wann si sech dozou entscheeden[1].

Ugeholl um CSJ Nationalkongress vum 1. Mäerz 2025 zu Gréiwemaacher

[1] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2013/01/08/n1/jo